LU

och erhältlech op
DE/FR/EN

# De Ris geet op d'Rees



## Erliefniswee



**1** Risen-Erliefnis

**10** Kilometer


**13** Kënschtler

**15** Statiounen

# A LASS!

De Ris aus dem Beetebuerger Märchepark ass erwächt! Am Comic „De Ris geet op d’Rees“ mécht hie sech mat senger Frëndin, dem Papagei Lori, op d’Sich nom Däumling. Gitt dësem Erliefniswee queesch duerch Beetebuerg no an entdeckt vill Zeenen aus dem Buch.

Bekannte Kënschtler hu flott Skulpturen ugefäerdegt. Vergiesst och net, en Handy anzepaken – interessant Augmented-Reality-Statiounen waarden op iech.
**Mir wënsche iech e Risespaass beim Entdecken!**



## Andy Genen

Hien hat Comics schonn a jonke Jore gär. Elo huet den Zeechner an Illustrator och dem Ris Liewen agehaucht.



## Lucien Czuga

Hien huet ënner anerem d’Geschichte vum legendären „Superjhemp“ geschriwwen. De Comictexter féiert de Ris mat vill Humor duerch Beetebuerg.



## Raphael Gindt

Hie war schonn als Teenager vu Street Art begeeschtert. Seng Wierker sinn expressionistesch wéi och surreal.



## Sylvain Divo

Hien erstellt Skulpturen an eegenen Atelieren. Vu Bronze bis Steen: eng grouss Villfalt vu Material reizt hien.



## Assy Jans

Fréi huet hien zesumme mat sengem Papp d’Léift zu der Konscht entdeckt. De geléierte Schlässer fäerdegt am léifste Skulpturen aus Stol un.



## Yvette Rischette

Si ass bekannt fir hir verspillten a faarwefrou Molerei, déi si am In- an Ausland präsentéiert.



## Marc Pierrard

Seng facetteräich Konscht ëmfaasst ënner anerem Collagen, Tabloen, Skulpturen, Video- a Soundinstallatiounen.



## Laurent Turping

Hie stellt de Mënsch oft an de Mëttelpunkt vu senge Wierker. Den Holzskulpteur huet eng impressionant Skulptur vun der Ghost Army geschaf.



## Mathieu Lebrun

Hien ass faszinéiert vun technologeschen Nouveautéiten. Hien huet d’Augmented-Reality-Statioune vum Erliefniswee gestalt.



## Eric Mangen

Hien experimentéiert gären abstrakt mat Faarwen a Oberflächen. Säi Papageiegraffiti ass zu Beetebuerg Kult.



## Nuno Mafra

Hien huet 40 Joer als Bëschaarbechter geschafft. Dobäi huet hie seng Leidenschaft fir d’Bildhauerei an Holzskulpturen entdeckt.



## CIGL

De Pascal Prociani an den Nicolas Lopez hunn de Risen-Dësch ugefäerdegt.

# WOU ASS WAT?

**AUGMENTED REALITY**
Op Statioune mat dësem Symbol brauchs du en Handy,
fir digital Elementer ze gesinn, déi an déi real Welt agefüügt ginn.

**DE RIS ERWÄCHT AM MÄRCHEPARK**
Augmented Reality vum Mathieu Lebrun

**HEI GEET ET LASS: BEIM BEETEBUERGER FUSSBALLTERRAIN**

**D'HEX AN DE GËLLENEN APEL**
Skulptur vum Sylvain Divo

**DE RIS UM WAASSERTUERM**
Graffiti vum Raphael Gindt, Augmented Reality vum Mathieu Lebrun

**DUERCH D'AE VUM LORI**
Augmented Reality vum Mathieu Lebrun

**DEM RIS SENG MUTZ**
Skulptur vum Marc Pierrard

**DE RIS AM WEIER**
Skulptur vum Assy Jans an Yvette Rischette

**DE RIS OP DER GARE**

**DE PAPAGEI**
Graffiti vum Eric Mangen

**DE KAPP VUM RIS**
Skulptur vum Sylvain Divo, Augmented Reality vum Mathieu Lebrun

**D'LORI AM NATURSCHUTZGEBITT „STRÉISSEL"**
Skulptur vum Nuno Mafra

**BLÉCK A RICHTUNG OBELER**

**D'LOKOMOTIV**
Skulptur vum Nuno Mafra

**D'BÄNK MAM DÄUMLING**
Skulptur vum Nuno Mafra

**D'GHOST ARMY**
Skulptur vum Laurent Turping

**DE RISEN-DËSCH**
Skulptur vum Pascal Porciani an Nicolas Lopez (CIGL), Augmented Reality vum Mathieu Lebrun

**GUTT NUECHT, RIS**
Augmented Reality vum Mathieu Lebrun

# INFOEN

**De klengen Tour vum Wee ass 6,7 km laang. De groussen Tour ass 9,7 km laang a bitt zousätzlech en Ausflug an d'Naturreservat „Stréissel“.**

**Gitt einfach de Schëlder mat der Risemutz oder dem Zeeche BB1 no. Si weisen iech de Wee.**



BB 1

Den offiziellen Depart ass um Fussballterrain nieft dem Parc Merveilleux.
Wéi kommt dir dohin?

- Mam Bus: Linn 550 (Haltestell: Parc Merveilleux)
  *Méi Infoen op: mobiliteit.lu*
- Mat der gratis Navette vun der Beetebuerger Gare aus (ëmmer sonndes an op Feierdeeg; wärend der Saison vum Märchepark vun Enn Mäerz bis Ufank Oktober)
  *Méi Infoen op: parc-merveilleux.lu*
- Mat den E-Bikes vum regionale Vël'Ok-Reseau
  *Méi Infoen op: bettembourg.lu/e-bikes*
- Zu Fouss: Vun der Beetebuerger Gare aus sinn et 2,2 km bis bei den Depart; dat ass en Trëppelwee vu ronn enger hallwer Stonn.

De Wee ass och mat engem Vëlo, enger Kannerkutsch oder engem Rollstull befuerbar. Sollt et zu Ëmleedungen oder anere Beanträchtegunge kommen, gëtt dat iwwert d'Facebooksäit vun der Gemeng kommunizéiert.




**Méi Informatiounen iwwert de Comic an den Erliefniswee fannt dir hei:**
***literatour.lu/de-ris-geet-op-drees***


AM KADER VUN
ESCH-SUR-ALZETTE EUROPEAN CAPITAL OF CULTURE

obeler fenneng:beetebuerg: huncherneng näerzeng
eis gemeng

LITERATOUR
GEMENG BEETEBUERG 2022

PARC MERVEILLEUX
BETTEMBOURG

LES TRÉSORS DE LA BANDE DESSINÉE



De Ris geet op d'Rees
Erliefnniswee
N
W
O
S
OBELER
BLÉCK A RICHTUNG OBELER
HUNCHERENG NÄERZENG FENNENG
STRÉISSEL
D'LORI AM NATURSCHUTZGEBITT „STRÉISSEL"
Uelzecht
Route d'Esch
D'LOKOMOTIV
Route de Luxembourg
PARK KLENSCHENHAFF
D'BÄNK MAM DÄUMLING
D'GHOST ARMY
Uelzecht
Route d'Esch
Rue de la Gare
DE PAPAGEI
AR
DE KAPP VUM RIS
Rue A. Collart
DE RIS OP DER GARE
DE RISEN-DËSCH
AR
Route de Peppange
Autobunn A3
DE RIS AM WEIER
JACQUINOTS-PARK
Route de Mondorf
GUTT NUECHT, RIS
AR
A3
D'HEX AN DE GËLLENEN APEL
DE RIS UM WAASSERTUERM
AR
SONNEPROMENADE
DEM RIS SENG MUTZ
DUERCH D'AE VUM LORI
AR
BONGERT ALTENHOVEN
PARK KRAKELSHAFF
START
CITÉ DU SOLEIL
Route de Mondorf
Autobunn A3
P
DE RIS ERWÄCHT AM MÄRCHEPARK
AR
PARC MERVEILLEUX